

# de Schoulbuet



# Inhaltsverzeechnes – Sommaire

Virwuert – <i>Préface</i> .....	3
Schoukalenner – <i>Calendrier scolaire</i> .....	4
Nätzlech Adressen – <i>Adresses utiles</i> .....	5
Schoulcampus Lëmbaach – <i>Campus scolaire Lëmbaach</i> .....	6
Gebaier – <i>Bâtiments</i> .....	7
Stonneplang Cycle 1-4 – <i>Horaire Cycle 1-4</i> .....	8
Allgemeng Informatiounen – <i>Informations générales</i> .....	9
Elterevertrierder – <i>Représentants des parents d'élèves</i> .....	13
Spezialiséiert Léierpersonal – <i>Personnel enseignant spécialisé</i> .....	13
Grondschouldirektioun – Region Miersch – <i>Direction de l'Enseignement fondamental - Région Mersch</i> ..	15
Léierpersonal Cycles 1-4 – <i>Personnel enseignant Cycle 1-4</i> .....	16
Fotoen Schoulkanner 2023/2024 – <i>Photos des élèves 2023/2024</i> .....	18
Sécherheet a Schoultransport – <i>Sécurité et Transport scolaire</i> .....	22
Schoulwee a Schoultransport – <i>Venir à pied à l'école et transport scolaire</i> .....	24
Schoulprojeten – <i>Projets scolaires</i> .....	26
Maison Relais .....	28
Centre pour le développement moteur .....	30
Mierscher Lieshaus .....	31
Bildschirme in der Familie – <i>Les écrans en famille</i> .....	32
POLICE: Regeln für Kinder – <i>Règles pour enfants</i> .....	34
POLICE: Der sichere Schulweg – <i>Le chemin de l'école en toute sécurité</i> .....	36
Service Krank Kanner Doheem – <i>Gardes d'enfants malades à domicile</i> .....	38
Kontaktlëscht – <i>Contacts</i> .....	40

## Impressum

**Éditeur responsable:** Administration communale de Lintgen

**Coordination:** Laurent Schiltz / Steve Kimmel / Elodie Accorinti / Jeff Herr

**Photos:** Paul Provost / Laurent Schiltz / Steve Kimmel

**Layout:** Otherwise



[myclimate.org/01-18-619125](https://myclimate.org/01-18-619125)



*de Schoulbuet*

## Virwuert – Préface

### **Léif Kanner, léif Elteren, léift Schoulpersonal, léift Personal aus eiser Maison Relais**

Fir déi gesamt Schoulgemeinschaft, awer virun allem fir d' Famill, ass de Schoulufank ëmmer ganz opreegend.

Verschiede Saache mussen iwwerduecht a bei der Planung an der Organisatioun an der Famill berécksiichtegt ginn. Vill nei Momenter wäert Dir mat Äre Kanner erliewe kënnen.

Och fir dëst Schouljoer huet d'Gemeng vill an d'Schoul investéiert. Esou kritt zum Beispill all Kand am Cycle 3.1, 3.2 a 4.1 een Ipad zur Verfügung gestallt. Matt Hëllef vun dësem Tablet ginn eis Kanner op hier Zukunft an enger digitaler Welt virbereet.

Ab dësem Schouljoer wäerten d'Bänken an d'Still no an no ersat ginn an di éischt Liwwerung vu Miwwel wou eis Kanner gutt dra sëtzen ass Ufank grouss Vakanz geliwwert ginn.

Aus Plazgrënn wäerten ab dësem Schouljoer verschidde Säll esou wuel vun der Schoul, wéi och vun der Maison Relais genotzt ginn. Ob dëser Plaz alle Bedeelegten ee grouse Merci fir hier Flexibilitéit!

Fir de Schoulufank hu mer an dësem Schoulbuet wichteg an nätzlech Informatiounen fir lech zesumme gedroen. Dir fannt hei wichteg Informatiounen iwwer d'Schoulorganisatioun, d'Maison Relais an de Bustransport.

Dofir wier et gutt, dëst Heftchen während dem ganze Schouljoer ze versueren, fir wichteg Informatiounen, wann néideg noliesen ze kënnen.

Ech wënschen lech all ee gudde Start an d'neit Schouljoer!

Jeff Herr,  
Schoulschäffen



### **Chers enfants, chers parents, cher personnel enseignant, cher personnel de notre maison relais**

*La rentrée scolaire est toujours très excitante pour toute la communauté scolaire, mais surtout pour les enfants ainsi que leurs parents.*

*Plusieurs choses devront être reconsidérées et prises en compte par la famille dans le cadre de la planification et de l'organisation de la rentrée. De nombreux moments inédits avec vos enfants vous attendent.*

*La Commune a beaucoup investi dans l'école et dans les infrastructures scolaires pour la nouvelle année scolaire. Ainsi, chaque enfant des cycles 3.1, 3.2 et 4.1 recevra par exemple un iPad. Grâce à cette tablette, nos enfants seront préparés à leur future vie dans un monde numérique.*

*En plus, le mobilier scolaire sera progressivement renouvelé de sorte que nos élèves pourront s'asseoir confortablement. La première livraison nous est parvenue au début des vacances scolaires d'été.*

*Par manque de place, plusieurs salles seront utilisées par l'école ainsi que par la maison relais. Un grand merci aux acteurs impliqués pour leur coopération et leur flexibilité !*

*Vous trouverez dans ce Schoulbuet des informations importantes concernant l'organisation scolaire, la maison relais et le transport scolaire. Par conséquent, je vous conseille de conserver cette brochure pendant toute l'année scolaire pour pouvoir la consulter en cas de besoin.*

*Je vous souhaite à toutes et tous une bonne rentrée scolaire !*

*Jeff Herr,  
échevin ayant l'éducation dans ses attributions*



# Schoukalenner – Calendrier scolaire

## Vakanzen a Feierdeeg – Vacances et jours fériés

Éischte Schouldag **16. September 2024**  
*Rentrée des classes 16 septembre 2024*

Allerhellegevakanz	Toussaint	26.10.2024 - 03.11.2024
Niklosdag	St-Nicolas	06.12.2024
Chrëschtvakanz	Noël	21.12.2024 - 05.01.2025
Fuesvakanz	Carnaval	15.02.2025 - 23.02.2025
Ouschtervakanz	Pâques	05.04.2025 - 20.04.2025
Ouschterméindeg	Lundi de Pâques	21.04.2025
Dag vun der Aarbecht	Fête du Travail	01.05.2025
Europadag	Journée de l'Europe	09.05.2025
Päischtvakanz	Pentecôte	24.05.2025 - 01.06.2025
Päischtméindeg	Lundi de Pentecôte	09.06.2025
Nationalfeierdag	Fête Nationale	23.06.2025
Summervakanz	Vacances d'été	16.07.2025 - 14.09.2025



## Nätzlech Adressen – Adresses utiles

### Internetsite – Site Internet



[lintgen.schoul.lu](http://lintgen.schoul.lu)

### Schoulen – Écoles

#### Cycle 1 (Précoce & Préscolaire)

35A, route de Fischbach • L-7447 Lintgen

☎ 32 03 59-45 📠 32 03 59-49

#### Cycles 2-4

4, rue de l'École • L-7445 Lintgen

☎ 32 03 59-58 (Haaptgebai / bâtiment principal)

1, Place Publique • L-7455 Lintgen

☎ 32 03 59-63 (blot Gebai / bâtiment bleu)

#### Maison Relais

10, Place Publique • L-7455 Lintgen

Responsable: Elodie Accorinti

☎ 32 03 59-70 📠 32 03 59-75

✉ [elodie.accorinti@croix-rouge.lu](mailto:elodie.accorinti@croix-rouge.lu)

#### Administration communale de Lintgen

2, rue de Diekirch • L-7440 Lintgen

☎ 32 03 59-1 📠 32 03 59-35

🌐 [lintgen.lu](http://lintgen.lu) ✉ [commune@lintgen.lu](mailto:commune@lintgen.lu)

#### Schoulcomité – Comité d'école

Steve Kimmel (*président*),

Nadine Spiroux, Martine Brimmeyer,

Jeff Mazzone et Peggy Wolsfeld (*membres*)

☎ 32 03 59-67 ✉ [comite.lintgen@ecole.lu](mailto:comite.lintgen@ecole.lu)

#### Regional Direktioun – Direction régionale

Romaine Theisen

5, rue des Prés • L-7561 Mersch

☎ 247-55810 📠 247-55811

✉ [secretariat.mersch@men.lu](mailto:secretariat.mersch@men.lu)

### Schoulkommissioun – Commission scolaire

Jeff Herr (*président*)

☎ 661 84 09 08

Yves Weyland (*secrétaire*)

Steve Kimmel, Nancy Wies, Nadine Spiroux,

Maggy Scheidweiler, Daniela Stoicescu, Elodie Accorinti,

Jos Consbruck, Joël Schmalen (*membres*)

Romaine Theisen (*directrice enseignement fondamentale*)

### Bicherbus

Rue Joseph Merten • L-9257 Diekirch

☎ 80 30 81 📠 80 30 81 333

[www.bicherbus.lu](http://www.bicherbus.lu)

🌐 [bicherbus@bnl.lu](mailto:bicherbus@bnl.lu)

### Bustransport – Transport scolaire

Personne de contact: Romy Wurth

### Équipe médico-socio-scolaire

Dr Virginie Labranche

8A, rue de Diekirch • L-7440 Lintgen

☎ 32 98 52 📠 32 61 87

### Centre médico-social

Elisa Fournier, *infirmière en pédiatrie*

2, rue G. C. Marshall • L-2181 Luxembourg

☎ 32 58 20-26 📠 621 20 11 24

Simone Kieffer, *assistante sociale*

17, rue de la Gare • L-7535 Mersch

☎ 32 58 20-21 📠 621 20 12 96



CityApp  
Lintgen



SMS2CITIZEN


[www.sms2citizen.lu](http://www.sms2citizen.lu)



hoplr



## Schoulcampus Lëmbaach – Campus scolaire Lëmbaach



## Gebaier – Bâtiments



A



B



C



D



E



F



G

- A** Salle de sports
- B** Maison Relais
- C** Cycles 2-4 Hauptgebaei – *bâtiment principal*:  
11 Klassesäll, Schoulbibliothéik, Maison Relais,  
Büro vum Schoulcomité - 11 salles de classe, bibliothèque,  
Maison Relais, bureau du Comité d'école
- D** Cycles 2-4 blot Gebai – *bâtiment bleu*:  
5 Klassesäll - 5 salles de classe
- E** Cycle 1 Précoce & Préscolaire: Schoulbibliothéik,  
Turnsall - Bibliothèque, salle de gymnastique
- F** Makerspace
- G** Terrain multisport



## Stonneplang – Horaire Cycle 1

Méindeg/Lundi Mëttwoch/Mercredi Freideg/Vendredi	8:00-11:50	13:50-15:35	Dënschdeg/Mardi Donneschdeg/Jeudi	8:00-11:50
--	------------	-------------	--------------------------------------	------------

### Cycle 1 - Précoce

De Précoce ass e fakultatiivt Angebot. E Kand gëtt fir de Schoulufank am September 2024 an de Précoce opgehall, wann et virum 1. September 2024 säin drëtt Liewensjoer erreicht huet.

De Précoce fänkt moies tëschent 8:00 an 9:00 Auer a mëttes um 13:50 Auer un. D’Kanner gi moies um 11:50 Auer a mëttes um 15:35 Auer erëm an der Schoul ofgehall.

*L'éducation précoce est prévue comme offre facultative. Les enfants sont admis à l'éducation précoce pour la rentrée scolaire 2024 s'ils ont atteint l'âge de 3 ans au 1<sup>er</sup> septembre 2024.*

*Les enfants sont accueillis le matin entre 8h00 et 9h00 et l'après-midi à 13h50. Les enfants sont libérés des cours le matin à 11h50 et l'après-midi à 15h35.*


### Cycles 1.1 & 1.2 - Préscolaire

Huet e Kand virum 1. September 2024 säi véiert Liewensjoer erreicht, gëtt et an eng Klass vum Cycle 1.1 ageschriwwen.

All Klass am Cycle 1.1 an 1.2 ass a gemëschten Altersgruppen organiséiert.

*Chaque enfant, ayant quatre ans révolus au 1<sup>er</sup> septembre 2024, doit fréquenter une classe du cycle 1.1.*

*L'enseignement est organisé en groupes mixtes, c'est-à-dire que chaque classe accueille des enfants du cycle 1.1 et du cycle 1.2.*



## Stonneplang – Horaire Cycles 2-4

Méindeg/Lundi Mëttwoch/Mercredi Freideg/Vendredi	7:50-12:00	13:50-15:40	Dënschdeg/Mardi Donneschdeg/Jeudi	7:50-12:00
--	------------	-------------	--------------------------------------	------------

An der Grondschoul ass den Unterrecht op Kompetenzen opgebaut. Eng Kompetenz ass eng Fäegkeet vum Kand, säi geléiert Wëssen unzewenden, fir en Aarbechtsoftrag ze erleedegen oder e Problem ze léisen. Allerdéngs gëtt et kee Kënnen ouni Wëssen, dohier behalen d’Aufgaben an d’Widderhuelungen weiderhin hir Wichtigkeet.

Besounesch Momenter ewéi Themewochen, Aktivitéiten an der Bibliothék, pädagogesch Ausflüch a Visitten souwéi d’Sammele vun Informatiounen am Internet, loosse e fruchtbare Närbuedem fir d’Léieren entstoen a verschmelzen déi verschidde Kompetenzberäicher mateneen.

*À l'école fondamentale, l'enseignement est fondé sur les compétences. Une compétence est la capacité de l'enfant à utiliser ses connaissances pour accomplir une tâche ou résoudre un problème. Cependant, il faut savoir qu'il n'existe pas de savoir-faire sans savoir, d'où l'importance des devoirs et des répétitions.*

*À noter que les semaines à thèmes, des ateliers à la bibliothèque, des recherches sur internet, des visites et des sorties pédagogiques constituent des moments privilégiés où les différents domaines de compétences fusionnent de façon à créer un terrain d'apprentissage particulièrement favorable.*

### Surveillance

D’Léierpersonal vun der Schoul garantéiert eng Surveillance vun zéng Minutte jeeeweils virun an no de Coursen. Ausserhalb vun dësen Zäiten stinn d’Kanner, déi sech um Schoulcampus Lëmbaach befannen, ënnert der Verantwortung vun den Elteren oder vun der Maison Relais.

*Une surveillance de dix minutes avant et dix minutes après les cours est organisée par l'école. En dehors des heures de surveillance définies, les enfants se trouvant dans l'enceinte du campus scolaire Lëmbaach agissent sous la responsabilité de leurs parents ou de la Maison Relais.*



## Kontaktopnam – *Prise de contact*

D'Eltere sinn ugehalen, den Aluedungen zu de Bilansgesprécher um Enn vun all Trimester nozekommen. Während dem ganze Schouljoer stinn d'Léierpersounen den Elteren als Uspriechpartner zur Verfügung.

Bei gréissere Problemer am Zesammenhank mam Wuelbefannen oder dem Fortschrëtt vum Kand sollen d'Eltere folgend Reiefolleg bei der Kontaktopnam respektéieren:

1. Den Titulaire vun der Klass
2. De Koordinateur vum Cycle
3. De Präsident vum Schoulcomité
4. D'Regionaldirektioun

*Les parents sont tenus d'assister aux entretiens à la fin de chaque trimestre. Tout au long de l'année scolaire, les enseignants se tiennent bien entendu à la disposition des parents.*

*En cas de soucis ou de problèmes majeurs concernant le bien-être ou l'évolution de l'enfant, les parents sont priés de respecter l'ordre suivant de prise de contact:*

1. le titulaire de la classe
2. le coordinateur de cycle
3. le président du Comité d'école
4. la direction régionale



## Schoulcharta – *Charte scolaire*

Eis Schoulcharta hëlleft, e gesond Schoulklima ze schafen. Si enthält souwuel Rechter wéi och Flichten a soll all Member vun der Schoulgemeinschaft als Leetfuedem déngen, am Interêt vun engem gudde Schoulbetrib.

E Schoulagenda inklusiv Schoulcharta gëtt alle Kanner um éischte Schouldag ausgedeelt.

*La charte scolaire nous aide dans un esprit de solidarité à créer un climat favorable à l'apprentissage, au travail et à la vie scolaire. Notre charte scolaire reprend des droits et des devoirs et doit servir de guide à tous les membres de la communauté scolaire dans l'intérêt du bon fonctionnement de l'école.*

*Un agenda reprenant la charte scolaire sera remis à chaque élève le premier jour de classe.*

## Schoulschwammen – *Cours de natation*

D'Schoulschwamme gëtt an der Schwämm zu Miersch um Krounebiërg organiséiert.

De Schwammunterrecht ass en Deel vum Programm an dowéinst obligatoresch. Wann e Kand net ka mat schwamme goen, muss et eng schrëftlech Entschëllegung virleeën, respektiv e Certificat vum Dokter. Grondsätzlech muss all Kand mat an d'Piscine goen.

*Les cours de natation se dérouleront à la piscine «Krounebiërg» à Mersch.*

*Figurant dans le programme scolaire, le cours de natation est obligatoire. Pour en être dispensé, l'élève doit fournir une excuse signée par les parents, accompagné d'un certificat médical si demandé. En principe l'élève accompagne sa classe à la piscine.*



## ESEB-Diagnostik-Ekipp – *Équipe ESEB-Diagnostic*

D'ESEB-Diagnostik-Ekipp besteet aus Psychologen a Pädagogen an huet hire Sëtz zu Miersch am Gebai vun der Direktioun. Si huet als Aufgab fir déi Kanner, déi si vum lokale Fërderteam gemellt kréien, eng Diagnose opzestellen an Begleedungsmoosnamen auszeschaffen. Si stellt och de Kontakt zur Commission d'inclusion (CI) an de Kompetenzzentren hir.

*L'équipe ESEB-Diagnostic est composée de psychologues et de pédagogues et est basée à Mersch dans le bâtiment de la Direction. Elle a pour mission de prendre en charge les enfants à besoins spécifiques ou particuliers lorsque les mesures de remédiation décidées au niveau local ne suffisent plus. Elle fait un premier diagnostic et prend contact avec la Commission d'inclusion et les centres de compétences.*

## Fërderteam – Équipe de soutien

D'Fërderteam an der Lëntgener Schoul besteet aus enger I-EBS (institutrice spécialisée dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques) an enger Educatrice graduée. Am Sënn vun enger inklusiver Approche hunn si als Aufgab Kanner mat spezifesche Bedürfnisser innerhalb vun der Schoul ze betreien, si an hirer Klass ze ënnerstëtzen an ze fërdere. Si schaffen dobäi enk mam Léierpersonal zesummen a beroden d'Équippen aus deene verschidde Zyklen. Si stellen och de Kontakt mat der ESEB-Diagnostik-Ekipp hir, falls d'Begleedungsmoosnamen um lokale Niveau keen zefriddestellend Resultat bréngen. Ausserdem schaffen si mam Service d'éducation et d'accueil (SEA) zesummen fir och hei de Kanner mat spezifesche Bedürfnisser dat bescht méiglecht Ëmfeld ze bidden.

*L'équipe de soutien de l'école de Lintgen est composée d'une institutrice spécialisée dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS) et d'une éducatrice graduée. En respectant une approche pédagogique inclusive, elles s'occupent des enfants à besoins au sein de l'école, les assistent dans leur classe et les aident à avancer dans leurs apprentissages. Elles collaborent avec le personnel enseignant et conseillent les équipes pédagogiques des différents cycles. Si les mesures de remédiation au niveau local n'ont pas de résultat satisfaisant, elles prennent contact avec l'équipe ESEB-Diagnostic. Elles collaborent également avec le personnel du service d'éducation et d'accueil (SEA) pour favoriser l'accueil des enfants à besoins spécifiques et particuliers.*

## Schoulmedezin – Médecine scolaire

Am Laf vun der Schoulzäit gëtt de Gesondheitszoustand vun Ärem Kand reegelméisseg duerch en Team vun der Schoulmedezin vun der Ligue médico-sociale iwwerwaacht. Dës Ënnersichunge ginn offréiert a sinn obligatoresch. An de Cyclen 1.1, 1.2, 2.2, 3.2, 4.2 gëtt duerchgefouert:

- d'Moosse vum Gewicht an der Gréisst
- d'Ënnersichung vun enger Urinprouf
- en Aentest
- d'Iwwerprüfung vun der Impfkaart
- eng auditiv Bilanz
- eng gesondheetlech Bilanz duerch de Schouldokter
- eng sozial Bilanz



De Schouldokter bitt keng Behandlung un. Wa Beobachtunge festgestallt ginn, déi eng méi genau medezinesch Iwwerprüfung erfuerderen, ginn d'Eltere schrëftlech informéiert an opgefuerdert, hiren Hausdokter opzesichen. Déi Beobachtunge ginn am „Carnet médical“ vum Kand festgehalten a vertraulech ënnerbruecht. Op Ufro kréien d'Elteren dëst Heft um Enn vun der Schoulzäit vun hirem Kand. D'Team vun der Schoulmedezin steet den Elteren zu all Moment zur Verfügung, fir Gesondheitsfroen oder Froen iwwert déi schoulesch a sozial Integreatioun ze beäntweren.

*Au cours de la scolarité, l'état de santé de votre enfant est surveillé par l'équipe de médecine scolaire de la Ligue médico-sociale. Les examens sont obligatoires et gratuits. Ils sont pratiqués chez les élèves des cycles 1.1, 1.2, 2.2, 3.2, 4.2:*

- prise du poids et mesure de la taille
- analyse sommaire des urines
- examen sommaire de l'acuité visuelle
- surveillance de la carte de vaccinations
- bilan auditif
- bilan de santé assuré par le médecin scolaire
- bilan social

*Le médecin scolaire ne propose aucun traitement médical. Si des observations nécessitant un avis médical complémentaire sont faites, une lettre motivée sera adressée aux parents avec la recommandation de consulter leur médecin de confiance. Les constatations sont consignées dans un carnet médical et gérées en toute confidentialité. Ce carnet vous sera remis sur demande en fin de scolarité de votre enfant. L'équipe médico-sociale est à votre disposition pour toute question ayant trait à la santé et à l'intégration scolaire et sociale de votre enfant.*

## Reglement elektronesch Geräter – Règlement matériel électronique

Et ass net néideg, datt d'Schüler vum Schoulcampus Lëmbaach zu all Moment erreechbar sinn. Am Noutfall kënnen d'Elteren / den Erzieungsberechtigten dem Schoulmeeschter vun der Klass telefonéieren op der Nummer déi den éischten Dag vun der Schoul matgedeelt gëtt.

Fir e gutt Fonctionnement vum Schoulliewen um Schoulcampus Lëmbaach ze garantéieren, verlaangt de Schoulcomité vum Schüler a vu sengen Elteren / sengem Erzieungsberechtigten, folgend Virschrëften ze respektéieren:

Handyen, Musek-Player, Fotoapparater, Kameraen, Tabletten, Smart / Kiddy Watches an all aner gläichwäerteg Geräter sinn erlaabt, ënner der Bedéngung, dass:

- d'Geräter komplett ausgemaach ginn während der Schoulzäit (7:50 bis 12:00 an 13:50 bis 15:40 Auer); souwéi zéng Minutte virun an no de Coursen.
- d'Verwendung um ganze Site vum Schoulcampus Lëmbaach (Grondschoul, Maison Relais, Spillplaz) zu den uewe genannten Zäiten verbueden ass.
- während den uewe genannte Stonnen all Manipulatioun vun anere Funktiounen (Messages, Telefonsuriff, Rechner, Auer, Spiller, Verbindung mat Multimedia Servicer, Fotoen, Opnamen, etc.) strikt verbueden ass.
- bäi Mëssbrauch wéi eroflueden, kucken, Verbreedung vu gewaltsamen an/oder pornographesche Biller, juristesche Prozedure vun der Gemengeverwaltung ageleet ginn.

Am Fall vun Netanhalen vun dëse Reglementer, gëtt d'elektronesch Gerät vum Léierpersonal konfiskéiert, nëmme fir un de legalen Erzieungsberechtigten zrëck ze ginn. Dee muss sech beim President vum Schoulcomité melle fir dat betreffend Gerät of ze huelen.

Am Fall vu Widderhuelung, gëtt den Apparat am Prinzip bis Enn vum aktuellen Trimester, awer op d'mannst fir eng Period vun 3 Wochen, saiséiert. D'Gemeng Lëntgen iwwerhëlt keng Verantwortung am Fall vu Vol, Verloscht oder Schued un elektronesch Apparater.

*Il n'est pas nécessaire que les élèves du Schoulcampus Lëmbaach soient joignables à tout moment. En cas d'urgence, les parents/tuteurs peuvent téléphoner au titulaire de la classe au numéro communiqué le premier jour de classe.*

*Afin de garantir le bon fonctionnement de la vie scolaire au Schoulcampus Lëmbaach, le Comité d'école demande aux élèves et à leurs parents/tuteurs de respecter les consignes suivantes :*

*Les téléphones portables, baladeurs, appareils photo, caméras, tablettes, Smart/Kiddy Watches et tout autre matériel équivalent sont autorisés aux élèves sous réserve :*

- *d'être déconnectés complètement pendant les heures de classe (7h50 à 12h00 et de 13h50 à 15h40) ; ainsi que dix minutes avant et après les cours.*
- *l'utilisation est proscrite sur tout le site du Schoulcampus Lëmbaach (école fondamentale, Maison Relais, cour de récréation) aux horaires mentionnés ci-avant.*
- *pendant les heures indiquées ci-dessus, toute manipulation des autres fonctions (messagerie, appel téléphonique, calculatrice, montre, jeux, connexion à des services multimédia, la prise de photos, enregistrement, etc.) est strictement interdite.*
- *concernant les dérives telles que téléchargement, visionnement, diffusion d'images violentes et/ou à caractère pornographique, une poursuite judiciaire sera entamée par l'Administration communale.*

*En cas d'inobservation de ce règlement, le matériel électronique portable sera confisqué par le titulaire de classe, pour n'être remis qu'au responsable légal. Celui-ci devra se présenter auprès du président du Comité d'école pour retirer le matériel en question.*

*En cas de récidive, le portable sera saisi en principe jusqu'à la fin du trimestre en cours, mais au minimum pour une période de 3 semaines. La commune de Lintgen décline toute responsabilité en cas de vol, perte ou endommagement d'appareils électroniques portables.*



## Elterevertrieder – Représentants des parents d'élèves

### D'Aufgabe vun den Elterevertrieder:

- d'Virschléi vum Schoulcomité betreffend d'Schoulorganisatioun an de PDS diskutéieren, weiderentwéckelen a Verbesserungsvirschléi maachen
- gemeinsam Veranstaltungen a Versammlunge mat de verschiddene Schoulpartner organiséieren
- Virschléi maachen, déi d'Schoulliewe betreffen

### Les missions des représentants des parents:

- *discuter, compléter et développer la proposition d'organisation scolaire ainsi que le plan de développement scolaire élaborés par le Comité d'école*
- *organiser des réunions et manifestations communes avec les partenaires de l'école*
- *formuler des propositions sur toutes les questions en relation avec l'organisation de la vie scolaire*



vu lénks no riets - *de gauche à droite*  
Maggy Scheidweiler  
Daniela Stoicescu  
Blandine Klidjo Togbenou  
Ana Ribeiro  
Francesco Librizzi

## Léierpersonal spezialiséiert op Schoulentwécklung (I-DS) – Institutrice spécialisée en développement scolaire (I-DS)

D'Missioun vum Léierpersonal, dat op Schoulentwécklung spezialiséiert ass:

- D'Schoulen encouragéiere fir innovativ Léierpraktiken ëmzesetzen, déi nëtzlech sinn fir d'Léieren ze verbessern, an och zu hirer Verbreedung am Kader vum Schoulentwécklungsplang (PDS) bäizedroen.
- Hëllef dem President vum Schoulcomité oder sengem Delegéierten bei der Koordinatioun vun der Entwécklungs-aarbecht, der Ausschaffung, der Ëmsetzung an der Evaluatioun vum PDS.
- Hält de regionale Schouldirekter iwwert de Fortschritt vum PDS um Lafenden.
- Enseignantent ënnerstëtzen, déi personaliséiert Hëllef bei hirer pedagogescher Aarbecht ufroen.



Hamelle Sophie  
sophie.hamelle@ifen.lu

### Les missions de l'instituteur spécialisé en développement scolaire :

- *Encourager les écoles à mettre en œuvre des pratiques pédagogiques innovantes et utiles à l'amélioration des apprentissages, ainsi que contribuer à leur diffusion dans le contexte du plan de développement de l'établissement scolaire (PDS).*
- *Prêter assistance au président du Comité d'école ou de son délégué dans la coordination des travaux d'élaboration, de rédaction, d'implémentation et d'évaluation du PDS.*
- *Tenir le directeur de région au courant sur l'avancement du PDS.*
- *Soutenir les enseignants qui demandent une assistance personnalisée dans leur travail pédagogique.*

## Digitale Wandel an de Schoulen – *Le changement numérique dans les écoles*

Computer, Tablets, Smartboards, Roboter asw. sinn an eise Schoulen ukomm a wéi den Unterrecht méi digital ka ginn, ass e groust Thema bei den Enseignanten, de Kanner an den Elteren. Mat ChatGPT ass eng weider spannend Technologie op eis duer komm a wäert d'Schoul nach weider veränneren - ob mir wëllen oder net!

Zu mengen Aufgaben als i-CN (instituteur spécialisé en compétences numériques) gehéiert et fir är Schoul op dësem Wee an eng ëmmer méi digital Zukunft ze begleeden. An deem Sënn beroden an informéieren ech d'Enseignanten an d'Kanner, sou datt si sécher, kreativ a verantwortungsvoll mat digitale Medien ëmgoe kënnen.

Zesumme mat den Enseignante schaffen ech un engem ganzheetleche Mediekonzept fir d'Schoul a bidden eng Rei vun innovativen a pedagogeschen Aktivitéite fir all Klasse vum Cycle 1 bis de Cycle 4 un. Dës flott Aktivitéiten dréien ëm Theme wéi Social Media, KI-kënschtlech Intelligenz, FakeNews, Computational thinking, Netiquette, digital Storytelling, Radio/Podcast, asw.

Parallel dozou organiséieren ech awer och eng ganz Rei vu praktesche Formations Continues fir d'Enseignanten zu Themen, déi wichteg fir d'Entwécklung vun der Schoul sinn.

Als Mediepedagog kann ech awer och Input op Elterenowenter ginn, resp. d'Elterevertrieder oder d'Gemenge beroden, wéi een all Schoulpartner op déi digital Erausforderunge virbereede kann.

Zanter véier Joer ënnerstëtzen ech déi 9 Schoulen aus der Regionaldirektioun 12 an dee ganz positive Feedback weist wéi wichteg Schoulentwécklung am Beräich vun den digitale Medien ass.

Ech freeë mech allefalls op eng weider flott Zesummenaarbecht mat ärer Schoul a wann dir nach weider Informatiounen braucht oder Froen hutt, kënt Dir iech gäre bei mir mellen.

Contact: [carlo.thimmesch@ifen.lu](mailto:carlo.thimmesch@ifen.lu)



Carlo Thimmesch  
Instituteur spécialisé en  
compétences numériques,  
I-CN DIR12

*Ordinateurs, tablettes, smartboards, robots, etc. sont arrivés dans nos écoles et la manière dont l'enseignement peut devenir plus numérique est un grand sujet de préoccupation pour les enseignants, les enfants et les parents. Avec ChatGPT, une autre technologie passionnante est arrivée et va continuer à changer l'école - que cela nous plaise ou non !*

*L'une de mes missions en tant qu'i-CN (instituteur spécialisé en compétences numériques) est d'accompagner votre école sur ce chemin vers un avenir de plus en plus numérique. Dans cette optique, je conseille et informe les enseignants et les enfants afin qu'ils puissent utiliser les médias numériques de manière sûre, créative et responsable.*

*En collaboration avec les enseignants, j'élabore un concept médiatique global pour l'école et propose une série d'activités innovantes et pédagogiques pour toutes les classes du cycle 1 au cycle 4. Ces superbes activités tournent autour de thèmes tels que les médias sociaux, l'IA/l'intelligence artificielle, les fake news, le computational thinking, la netiquette, le storytelling numérique, la radio/le podcast, etc.*

*Parallèlement, j'organise également toute une série de formations pratiques pour les enseignants sur des sujets importants pour le développement de l'école.*

*En tant que pédagogue des médias, je peux également apporter un input lors des soirées de parents ou conseiller les associations de parents ou les communes sur la manière de préparer tous les partenaires scolaires aux défis numériques.*

*Depuis quatre ans je soutiens les 9 écoles de la direction régionale 12 et les retours très positifs montrent l'importance du développement scolaire dans le domaine des médias numériques.*

*Je me réjouis de poursuivre une bonne collaboration avec votre école et si vous avez besoin de plus d'informations ou si vous avez des questions, n'hésitez pas à me contacter.*

Contact : [carlo.thimmesch@ifen.lu](mailto:carlo.thimmesch@ifen.lu)



## D'Grondschoouldirektioun - Region 12 Miersch

D'Direktioun vum Enseignement fondamental vun der Region 12 Miersch gëtt vun engem Team geleet, dat aus enger Directrice, enger Directrice adjointe an engem Directeur adjoint besteet.

D' Directrice huet d' Funktioun als hierarchesch Chefin vum Léierpersonal, sozio-educativen an administrative Personal. Si representéiert de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Region an assuréiert esou en direkte Lien tëscht dem Ministère an de lokale Schoulen.

D'Direktiounsteam huet d'Missioun, de gudden Fonctionnement vun de Schoulen an der Region ze garantéieren. Dëst ëmfaasst d'administrativ Gestiou an d'pedagogesch Iwwerwaachung. Dobäi ënnerstëtzt Si och d'Léierpersonal an d'sozio-educatiivt Personal bei pedagogesch Froen an assuréiert hir berufflech Integreatioun. Donieft spillt d' Direktioun och eng wichteg Roll an der Kommunikatioun an der Vernetzung mat alle schoulesche Partneren.

An der Direktioun vum Enseignement Fondamental vu Miersch ass eng stellvertriedend Directrice adjointe chargéiert fir eng adäquat Betreiuung vun de Schüler mat spezifesch Besoinen ze grantéieren.

Si presidéiert d'Inclusiounskommissioun a suert esou och fir eng besonnesch an ugepasste Betreiuung vun de Schüler, déi zousätzlech Ënnerstëtzung fir hir Ausbildung brauchen.

Dës Organisatioun erméiglecht et, op déi verschidde Besoinen vun de Schüler anzegoen an d'Léierpersonal z'ënnerstëtzen, während se eng efficace administrativ Gestiou an eng fleissend Kommunikatioun mat allen Acteuren am Educatiounssecteur garantéiert.

### Direction de l'Enseignement fondamental - Région 12 Mersch

*La Direction de l'enseignement fondamental de la Région 12 Mersch est dirigée par une équipe composée d'une directrice et de deux directeurs adjoints.*

*La directrice exerce la fonction de chef hiérarchique du personnel enseignant, socio-éducatif et administratif. Elle représente le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse dans la région, assurant ainsi un lien direct entre le ministère et les établissements scolaires locaux.*

*L'équipe de direction a pour mission de garantir le bon fonctionnement des écoles de la région. Cela inclut la gestion administrative et la supervision pédagogique. Elle soutient également le personnel enseignant et socio-éducatif sur les questions pédagogiques et veille à leur insertion professionnelle. Par ailleurs, la direction joue un rôle crucial dans la communication et le réseautage avec tous les partenaires scolaires.*



Mike Hecker  
Directeur adjoint

Romaine Theisen  
Directrice

Carole Maisch  
Directrice adjointe

*Au sein de la direction de l'enseignement fondamental de Mersch, une directrice adjointe est spécifiquement chargée de la prise en charge des élèves à besoins spécifiques. Elle préside la Commission d'inclusion, assurant ainsi une attention particulière et adaptée aux élèves nécessitant un soutien additionnel pour leur éducation.*

*Cette organisation permet de répondre aux besoins diversifiés des élèves et de soutenir efficacement le personnel éducatif, tout en garantissant une gestion administrative rigoureuse et une communication fluide avec toutes les parties prenantes du secteur éducatif.*

#### Kontakt / Contact:

Direction de l'Enseignement fondamental - Région Mersch

#### **Siège principal Mersch**

5, rue des Prés  
L-7561 Mersch

#### **Annexe Bissen**

22, ZAC Klengbousbiérg  
L-7795 Bissen

✉ secretariat.mersch@men.lu  
direction.mersch@men.lu

🌐 <https://diref12.lu>

☎ +352 247-55810





Bamberg Joël



Battaglia Kelly



Bonifas Jean



Donven Danièle



Fioretti Julie



Foeteler Daniel



Haubrich Martine



Kieffer Liz



Meyers Michelle



Müller Sonja



Nardini Anne



Raths Annick



Rodrigues de Oliveira Isabel



Teixeira Bispo Marta



Timoteo Noémie



Torres Vieira Jessica



Unsen Fabienne



Vosman Jessica

# Enseignants



Brimmeyer Martine



Da Santa Alice



Dentzer Patrick



Determe Sandra



Dimola Gina



Kimmel Steve



Klerf Rebekka



Maffei Luana



Mayer Catherine



Mazzone Jeff



Sauber Lynn



Schoen Dany



Schumacher Christine



Spiroux Nadine



Tavares Dias Dylan



Wantz Christiane



Wies Nancy



Wolsfeld Peggy





Précoce



Précoce



Cycle 1



Cycle 1



Cycle 1



Cycle 1



Cycle 1



Cycle 2.1



Cycle 2.1



Cycle 2.1



Cycle 2.2



Cycle 2.2



Cycle 3.1



Cycle 3.1



Cycle 3.2



Cycle 3.2



Cycle 4.1



Cycle 4.1



Cycle 4.2



Cycle 4.2



## Sécherheet a Schoultransport – Sécurité et Transport scolaire



### De Schoulwee – Venir à pied à l'école

Fir de Schoukanner déi gréisstméiglech Sécherheet um Schoulwee ze garantéieren, ass an Zesummenaarbecht mat der Schoulkommissioun an dem Léierpersonal vun der Gemeng Lëntgen e Schoulweekonzept erstallt ginn. D'Schoulweeër si reorganiséiert ginn an déi entspriechend Zebrasträife faarflech ervirgehuewe ginn. Op de Schoulweeër ass de Logo „Lëmbi“ op der Héicht vun den Zebrasträifen ze fannen.

Kommt net mam Auto!

Frësch Loft a Bewegung maache monter a bereeden optimal op de Schouldag vir. Dofir sollen d'Kanner sou dacks wéi méiglech zu Fouss an d'Schoul kommen. Ausserdeem léieren d'Kanner esou, sech selbstänneg a sécher am Stroosseverkéier ze beweegen.

*En vue de garantir une sécurité maximale des élèves sur le chemin vers l'école, un concept de déplacement vers l'école a été élaboré en collaboration avec la Commission scolaire et le corps enseignant de la commune de Lintgen. Selon ce concept, les chemins domicile-école sont réorganisés et les passages pour piétons concernés sont signalés comme tels. Le nouveau logo « Lëmbi » est marqué sur le trottoir à la hauteur des passages pour piétons sur le chemin vers l'école.*

*Veuillez ne pas prendre la voiture !*

*L'air frais et le mouvement mettent de bonne humeur et préparent les enfants pour la journée. Pour cette raison, ils devraient se rendre le plus souvent possible à l'école à pied. C'est aussi cela qui permettra aux enfants de devenir indépendants et d'apprendre à respecter les règles de la circulation.*

### Zougang zu de Schoulgebaier – Accès à l'école

Fir dem Léierpersonal eng verantwortungsvoll Leedung vun hire Klassen z'erméiglechen, sinn d'Eltere gebieden, hir Kanner net bis an de Klassenall ze begleeden. D'Kanner vum Cycle 1 kënnen selbstverständlech während den éischte Woche vun hiren Eltere begleet ginn, fir sech schrittweis un de Schoulbetrib ze gewinnen.

Mat Ausnam vum éischte Schouldag, sinn d'Eltere vun de Kanner aus den Cyclen 2, 3 a 4 gebieden, hir Kanner net bis an de Klassenall ze begleeden.

Aus Sécherheetsgrënn si sämtlech Zougäng zum Schoulgebai e puer Minutten nom Schoulufank elektronesch zougespaart. Bei Verspéidunge benotzt w.e.g. d'Spriechanlag. Zu all Moment loossen sech d'Diere vu bannen opmaachen.

*Afin de permettre aux enseignants de gérer leur classe de manière responsable, les parents sont priés de ne pas accompagner leurs enfants jusqu'à leur classe. Les enfants du cycle 1 peuvent bien évidemment être accompagnés par leurs parents lors des premières semaines, afin d'accoutumer l'enfant progressivement à la vie scolaire.*

*À l'exception du premier jour de classe, les parents des élèves des cycles 2, 3 et 4 sont priés de ne pas accompagner leurs enfants jusqu'à la salle de classe.*

*Pour des raisons de sécurité, toutes les portes extérieures des bâtiments scolaires sont sous fermeture électronique. En cas d'arrivée tardive, prière d'utiliser le clavier électronique près de la porte d'entrée. Bien évidemment les portes peuvent être ouvertes à tout moment de l'intérieur.*

### Schoultransport – Transport scolaire

De Bustransport ass net obligatoresch a gëtt de Schoukanner gratis vun de Gemengeverantwortlechen zur Verfügung gestallt. D'Eltere mussen drop oppassen, dass d'Kanner während der Faart den Uweisung vum Buschauffer an dem Opsiichtspersonal follegen an sech uerdentlech verhalten.

De Schoultransport gëtt vun der Madamm Romy Würth beopsiichtegt.

Am Ufank vum Schouljoer kritt all Kand en Umeldungsformulaire an en internt Reglement ausgedeelt. All intolerabelt Verhale gëtt dem Schoulcomité matgedeelt an d'Kanner kënnen zäitlech begrenzt oder endgültig vum Schoultransport ausgeschloss ginn.

D'Autofuerer gi gebieden, beim Ofsetzen oder Ofhuele vun hire Kanner, zu all Moment d'Verkéiersregelen anzehalen. D'Sécherheet vun de Kanner steet ëmmer op der éischter Plaz. An deem Sënn ass et net erlaabt, den Auto um Trottoire oder op den Zebrasträifen ofzustellen an de Schoulbus ze behënneren.

*Le transport scolaire n'est pas un service obligatoire et est offert gratuitement aux enfants de l'enseignement fondamental de la commune de Lintgen. L'utilisation de ce service implique l'engagement de la part des parents concernés de veiller à ce que leurs enfants se comportent toujours de manière correcte durant le transport et qu'ils respectent les instructions du chauffeur et du personnel de surveillance.*

